adrenalin
déi jonk adr

Lëtzebuerg, den 2 Mäerz 2010

Betrëfft: *Stellungnahm vun der adrenalin mat Bezuch op d'Rees vun der Gëlle Fra*

D'adrenalin dréckt hiert Bedaueren iwwert de kulturelle Fiasko am Bezuch op *d'Gëlle Fra* aus, déi elo eng Rees bis a China maache soll.

D'adrenalin ass prinzipiell géint en Agrëff a kulturellt Ierfgutt a Symbolike vum Land.

Fir eis ass d'*Gëlle Fra* en onantastbart Monument, well se fir d'Leide vu ville Bierger a Krichsaffer steet. Eiser Meenung no dierft de kommerziellen Hannergedanken net iwwert dem geschichtlechen an emotionale Wert vun esou engem Monument stoen. Aus deem Grond ass eis *Gëlle Fra* och net mat enger Mierjongfra vu Kopenhagen oder e puer Biller aus dem Louvre ze vergläichen. Et geet hei em en onersetzlecht Krichsmahnmal a net em iergendee Konschtgéigestand.

Mir fuerderen diesbezüglech den Här Goebbels op, séng Entscheedung nach emol ze iwwerdenken. Mir proposéieren als Alternativ, elo schon eng Kopie ze géissen an déi am plaz ze schécken.

de Comité vun der adrenalin

adrenalin
4, Rue de l'Eau,
1449 Luxembourg

www.adrenalin.lu
info@adrenalin.lu